piraten.lu

N°3211
Entrée le 19.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

An engem Meenungsartikel am *Wort* vun haut gëtt drop higewisen, datt d'Sendemaste zu Jonglënster wäerten ofgeschalt ginn. Dës kéinten awer am Fall vu Krisekommunikatioun eng wichteg Alternativ zu den aktuellen Technologië sinn. D'Antennen zu Jonglënster kënnen bei engem gréisseren oder laangwierege Stroum- oder Internetausfall funktionéieren an d'Kommunikatiounssécherheet erhalen. Déi lescht Méint hu gewisen, wéi ufälleg Kommunikatiounsinfrastrukturen kënne sinn (Incidente bei der POST, Orange, Cloudflare, AWS, etc.) a wi wichteg ee Backup hei ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng alternativ Sendeméiglechkeeten stinn dem Staat zur Verfügung, wann d'Antennen zu Jonglënster ofgebaut ginn?
2. Wéi bewäerten déi zoustänneg Institutiounen (CTIE, HCPN, etc.) den Ofbau vun den Antennen mat Hibléck op d'Kommunikatiounssécherheet (Risikobewäertung)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés